1-2020-0-9-6288-01 (n°3429)

Depot : Fernand Kartheiser

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2021

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- de Gesetzesprojet 7674 „portant organisation de l'accès à la connaissance de ses origines dans le cadre d'une adoption ou d'une procréation médicalement assistée avec tiers donneurs" nieft der Bezeechnung „Mamm" respektiv „mère" d'Notioun „autre parent de naissance" aféiert a gläichzäiteg d'Notioun vum „Papp" respektiv „père" als zweete biologeschen Elterendeel an deem Gesetzestext praktesch net méi virkënnt;
- dëse Gesetzesprojet am Géigesaz zur Gläichberechtegung tëscht Fraen a Männer steet, well de männleche biologeschen Elterendeel hei an der Bezeechnung vu senger Eltereschaft geschwächt an ofgewäert gëtt;

ass sech bewosst, datt

- déi naturwëssenschaftlech Tatsaach, datt all Mënsch e biologesche Papp an eng biologesch Mamm huet, am Gesetzesprojet 7674 net méi genuch berécksiichtegt gëtt;
- all Mënsch d'Recht op eng credibel Filiatioun huet, an och d'Recht huet, esouwäit ewéi méiglech, seng Originnen, also seng biologesch Mamm a säi biologesche Papp, ze kennen;
- d'Tilgung vun der Notioun „Papp" respektiv „père" eng Erofwierdegung vun der zentraler Roll vum Papp am Liewe vum Kand duerstellt;
- dëst eng Diskriminatioun vun de Männer duerstellt, well hire wichtege Bäitrag zur Eltereschaft an der Formulatioun vum Gesetzestext ausgeklamert gëtt;

<u>fuerdert d'Regierung op</u>

- der Chamber e Projet de loi virzeleeën, duerch deen et den Eltere vun engem Kand nees méiglech gemaach gëtt, an allen offiziellen Dokumenter, inklusiv am Code civil, um „état civil", an och an alle Formulairen, och bei der Vollekszielung, als „père" respektiv „mère" ze figuréieren.

Fernand Kartheiser

**ADR - Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame · L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**